Diane Neises


# Reenereg mat Aussiicht op miserabel

„Déi do sinn ouni Fleesch.“
„Ouni Fleesch?“
„Jo, ouni Fleesch. Aus Tofu.“
„Tofu?“, den ale Wecker zitt dat Wuert lang wéi Knätschgummi a kuckt de Jules dobäi skeptesch un. Iergendwéi huet de Jules ët fäerdeg bruecht an der Epicerie ee Pak Tofuwurschten incognito ënnert dem Wecker séng Akeef ze schmugglen. „Dreck. Ech hu léiwer eng richteg Grillwurscht,“ rifft en a léisst de Jules virum Frigo stoen. Den Här Constant Wecker ass ee Mann mat Prinzipien an Iwwerzeegungen. An eng sou eng Iwwerzeegung ass dat de Mënsch sech iwwert Joerdausenden un de Kapp vun der Nahrungskett erop giess huet an dat hien elo – evolutiounstechnesch gesinn – een Urecht op seng Grillwurscht huet. So be it. Ech probéiere sécher net engem 87-Jähregen vun etheschem Iessen ze priedegen. Währenddems de Constant Wecker weider de Kapp rëselt an de Jules de Recht Akeef an de Frigo raumt (och den Tofu, well vläit kënnt den Ale jo awer nach op de Goût), huelen ech alt de Scrabble raus. Dat ass mëttlerweil schon eis Routine. (Naja. Eis Routine all Donnëschden Nomëtteg nom Lycée. Säit dräi Wochen.)

U sech sinn de Jules an ech per Akzident hei dra geroden. D’Marie-Sol huet gemengt e bësschen Oflenkung ging mir gutt doen. Hatt huet gemengt, ech sollt eng Aktivitéit fannen déi mech erfëllt. Mental a sou. An dat ech och rëm sollt außerhalb vun der Schoul ënnert d’Leit goen. Wat hatt méi konkret domat gemengt huet: Fir e Projet *Solidaritéit mam drëtten Alter* (aka den *Amiperas Support*) ale Leit déi elleng liewen aushëllefen, akafe goen, aus der Zeitung virliesen, Scrabble spillen. Déi eng oder aner lasse Schrauf rëm festdréinen. Whatever. Wéi ech dat héieren hunn, war ech ongeféier sou euphoresch wéi den ale Wecker iwwer dem Jules seng Tofu-Wurschten. Zumols bei mengem momentane Besoin no Gesellschaft.

Mäi Besoin no Gesellschaft ass am Moment gläich null. Hei ass firwat: An deene meeschte Fäll si Mënschen entweder guer net un aneren hire Problemer intresséiert oder nëmmen zu hirem eegene Virdeel. Eng repräsentativ Studie (geleed vu mir a baséierend op Observatioune vun deene leschte 15 ¾ Joer vu mengem Liewen) huet sech mat der Bedeitung a Fonktioun vun der Fro „Wéi geet et dir?“ beschäftegt. D’Studie ass zu folgendem Resultat koum:

- An 48,6 % vun alle Fäll ass „Wéi geet et dir?“ als rhetoresch Fro ze verstoen. Ech nennen dëst de Protokoll-„Wéi geet et dir?“. De Protokoll-„Wéi geet et dir?“ ass oft ze fannen als Introductioun an ee seicht Gespréich. Et gëtt keng Äntwert erward a falls een awer am Mëssverständnis eng gëtt, gëtt se elegant an onopfälleg ignoréiert.
- 31,9 % vun alle Fäll si Fäll vun hongrege Geier-„Wéi geet et dir?“. Leit déi Gebrauch vun dësem „Wéi geet et dir?“ machen, erwarden eng Äntwert. Eng méiglechst détailléiert Äntwert. Wann den hongrege Geier bis gewittert huet dat ët dir eppes aus der Nues ze zéie gëtt, ass ët nëmmen nach eng Sach vu Stonne bis dat däi Privatliewe sech an der ganzer Schoul oder am Duerf verbreet huet. Wann néideg, fléckt en och nach Detailer derbäi (just fir dat ganzt méi intressant ze machen).
- A schließlech 19,5 % vun alle Fäll gëtt de „Wéi geet et dir?“ korrekt gebraucht. Ech nennen dëst de Premium-„Wéi geet ët dir?“. Dëst ass deen eenzege Kontext an dem et wierklech ëm dech geet. A fir déi moer 19,5 % vun de Kéiere ginn ech net réicht virun d’Dier.




Ech hu mech dunn och nëmme bei der Associatioun gemeld fir mengem Papp ee Gefalen ze dinn. An de

Et war och d'Marie-Sol dat sot, ech sollt méi oppe mat menge Gefiller ëmgoen. Hatt mengt wann ech schon net driwwer schwätze wéilt, wéilt ech vläit driwwer schreiwen. Oder molen. Oder krozelen. Dowéinst huet hatt mir och dee puupege Carnet hei ginn. Hatt sot: Bic a Pabeier hëllefen (souguer a Relatioun mat engem puupege Carnet). Psychologe-Geschier!

Jules wollt och onbedingt mat. Well e mäi Kolleg ass – an och e bësschen öko a philanthrop, a well en un dat Gutt am Mensch gleewt an zumols dodrun dat hien dees selwer ganz extra vill huet. An dat ass firwat mir virun dräi Woche beim Constant Wecker geland sinn.


Hie versuergt dann och emmer déi extrem hoffnungslos Fäll. Hien iergert sech da firun dem Jules a mir „Déi hunn och nach nie eppes vun der Eifeler Regel héieren" a wénkt dobäi rose mat engem Grapp voll Flyeren.

Wat een iwwert de Constant Wecker wësse sollt: Hie war mol Däitschproff. Säi Proffe-Gen schingt och nach emmer ganz kloer a séngem Hobbi duerch d'Schreiffeeler an der Zeitung, op Flyeren an op Reklammen mat engem décke roude Stëft anzekreesen. Dat erënnert hien un déi gutt al Zäiten. Hie schwätzt vill a gäeren (hie war Däitschproff, quoi). An obwuel hien u sech reativ emgänglech ass, huet hien awer séng Al-Leit-Momenter (cf. séng Attitüd zu Tofu oder de Gaardenzwergen-Tëschefall d'lescht Woch, wéi de Jules dem Wecker séng Arméi u Gardenzwergen um Balkon emgestousst huet an dee sech bal net méi akritt huet, sou huet hie sech geiergert). Säitdem séng Fra firu 7 Joer gestuerwen ass, verdreiwt hie sech d'Zäit mat liesen, molen, scrabblen, Bingo-Owender an Treffe mam Guerilla-Stréck-Club aus der Noperschaft. Hien ass dacks op der Rull, an dat obwuel wéinst séngem Rollator schon elleng de Wee an d'Epicerie ëm den Eck ee mëttleren Strongman-Parcours fir hien ass. De Jules an ech sinn außerdem iwwerzeecht dat hie mol Scrabble-Profi oder sou war. Op d'mannst steet de Score bis lo zwee zu null fir hien.




De Constant-Wecker-Rollator-Guide fir an d'Epicerie

Wann ech soen dat mir wéinst dem Marie-Sol hei sinn, ass dat u sech net ganz richteg. U sech ass meng Mamm Schold dat mir lo dem Wecker Gesellschaft halen. Mat hir huet nämlech alles ugefang. Oder éischter mat hirem Tumor. Oder domat datt d'Dokteren näischt méi mache konnten. Et ass zimlech séier gang. An du ware mäi Papp an ech op eemol elleng. *Wéinst engem ongeplangten Zwëschefall ass d'Lucht um Enn vum Tunnel zäitweileg aus. Mir bieden em Äert Verständnis.* Säitdem ass d'Stëmmung bei eis Doheem reenereg. Reenereg mat Aussiicht op miserabel.




De Jules huet gemengt datt sech dat no engem zimlech cool Skateboard-Parcours unhéiert. Bis op den Deel mam Dackel.

Mëttlerweil setze mir allen dräi ronderëm de Stuffendësch an zéien eis Buchstawen. Währenddeems de Jules an ech eis probéieren iwwer Waasser ze halen an e puer Punkten zesummenzekrazen, spillt de Constant Wecker ëmmer erëm gäere säi Proffebonus aus. Hien trompt da mat sou extrae Wierder. An zu all Wuert weess hien eng Geschicht. Oder ee Goethe-Zitat. Oder béides. „E-R-Q-U-I-C-K-U-N-G. Dräifache Buchstawewert op Q a K. Dat sinn dann also 54 Punkten." Hien ass ganz zefridde mat sech selwer. „Erquickung hast Du nicht gewonnen, / Wenn sie dir nicht aus eigner Seele quillt. Dat ass

aus dem Goethe séngem Faust. Ach, ee Genoss.“ Jo, genau sou stellt ee sech säi fräien Nomëtteg vir.

Heiansdo froen ech mech wéi al Leit nach kënne sou positiv sinn, wou dach jidderee weess, datt si iergendwann stierwen. A wann d’Statistiken net falsch leien, ass „iergendwann“ fir si ganz geschwënn. Ech weess net, firwat een an dem Alter nach nei Saachen ufänkt. U sech ass d’Liewe jo sou gutt wéi geliewt an et kéint een einfach nëmme ronderëm sëtzen a waarden dat et ganz riwwer geet. Alles aneres ass dach verschwenten Energie. De Constant Wecker awer, zum Beispill, huet sech virun e puer Woche nach eng nei Staffelei kaft. U sech ass dat dach Verschwendung. Sou eng Staffelei ass dach fir d’Liewen. Hien ass 87. Ech wëll lo net negativ kléngen, mä wat sinn d’Chancen dat sech dat nach rentéiert?

Ech sinn der Meenung: Am Endeffekt ass alles nëmmen zäitlech. A wa souwisou alles vergeet, wéi ee Wert huet et dann iwwerhapt eppes unzefänken?

„K-A-T-H-A-R-S-I-S.“ Et ass rëm dem Constant Wecker säin Tour. De Jules an ech kucken eis un. Katharsis. Nach nie héieren. „17 Punkten an zweemol zweifacher Wortwert, dat gëtt 68 Punkten. Plus 7 Punkte fir „Raum“ op „Traum“ ze erweideren,“ schreiwt de Constant Wecker äifreg säin neie Punktestand op. Fir dat Wuert kritt e 75 Punkten. Vläit fuddelt en? Däerf een engem alen, liicht exzentresche Mann virwerfen, datt e bei engem Brietspill beschäisst? Oder gëtt et eng ongeschriwwe Regel, déi engem dat verbitt (wéi bei klénge Kanner)?

„Dat héiert sech jo knapps wéi ee Wuert un“, bemierkt de Jules. Strategesche Feeler. Proffemënsche géigeniwwer däerf een ni Schwächten oder Onwësse weisen. De Wecker kuckt eis e bëssche béis un. Sou wéi ee Proff eben. Ech probéieren op de Buedem ze kukken. Ënnerwierfegkeet kennen ech aus dem Déiereräich an iergendwéi ass de Mensch jo och nëmmen een Déier, dofir kann dat Verhale jo net ganz falsch sinn. Ausserdem hëlleft ët an der Schoul jo och heiansdo.

De Wecker otemt eng Kéier déif aus a rullt säin Duden op d’Bicherregal sichen. Hien bliedert hin an hier. „Hei. Katharsis, do steet ët.“ E leet eis den opgeschloenen Duden virun d’Nues. „Läuterung der Seele von Leidenschaften als Wirkung des antiken Trauerspiels“, liest de Jules. „Cool“, an en néckt dobäi bedächteg mam Kapp. „An dat heescht...?“

Den ale Mann bléist nach eng Kéier déif aus. Ech hoffen, datt en net während eiser Opsiicht vum Rollator kippt wéinst zevill Stress. Häerzversoen duerch Scrabble-Ignoranz oder sou.

„Da lies och alles wat do steet, Jules“, de Wecker rëselt de Kapp. „Das Sichbefreien von psychischen Konflikten und inneren Spannungen durch emotionales Abreagieren. Emotional Läuterung duerch d’Expressioun vun ënnerdréckte Gefiller. Zumols du häss besser, dat Wuert ze verhalen,“ seet en a kreest dobäi mat séngem Fanger ronderëm meng Nues. Hie weess Bescheed. Dodriwwer. Gréißtendeels vum Jules, well vu mir kritt hien net vill Informatiounen. An de Jules schwätzt jo ëmsou méi.

„Wéi ech jonk war, war ech Idealist. Ech hunn d’Welt éischter gesi wéi se sollt sinn an net wéi se wierklech war. Wou ech gange sinn a wien ech begéint hunn, iwwerall hunn ech Méiglechkeeten a Sënn gesinn. Mam Alter an der Experienz gouff ech awer zum Realist. Ech hunn Ecken a Problemer entdeckt, wou virdru keng waren. Ech hu realiséiert dat d’Welt net nëmmen aus gudden Intentiounen a Potential besteet, mä och dat se ass wat se ass an dat een net alles ännere kann. Nom Doud vu menger Fra gouff ech zum Skeptiker. Op eemol wosst ech réng guer näischt méi. Ech gouff eng Insel. Mat onerfuerschten Territoiren, bewunnt mat däischtere Kreaturen. Du sinn ech Surrealist ginn. Lo vermëschen ech Realitéit an Draam an op eemol ass alles rëm méiglech. Säitdem raumen ech duerch mäin Ënnerbewosstsinn. Ech sinn umgang méng Territoiren ze entdecken a méng Kreaturen un d’Liicht ze lackelen. An dobäi fënnt ee Sachen erëm déi ee scho lang vergiess huet oder vun deenen ee guer net wosst dat ee se iwwerhapt a sech dran huet.“

De Jules stëmmt zou. Hien erklärt dat e lo net souvill Erfahrung domat huet am Kapp ze raumen, mä éischter am wuertwiertleche Sënn. „Opraumen ass ëmmer e bëssche wéi Chrëschtdag, zumools ënnert dem Bett. Wann een zwee Puer Strëmp, d’Lieblings-DVD an déi vertässelt Geo-Hausaufgabe vu virun dräi Méint erëm fënnd.“ Nevermind.

„Surrealismus,“ sou de Wecker, „huet eng kathartesch Wierkung op mech. An der Peinture kann ech meng Gefiller ausdrécken. A wann ee selwer net méi kloer gesäit, hëlleft schwätzen och. Oder nolauschteren.

Tatsach

**Ka|thar|sis** [ˈ*ka(:)tarzıs*] die:

1. (Literaturwissenschaft) Läuterung der Seele von Leidenschaften als Wirkung des [antiken] Trauerspiels.
2. (Psychologie) Das Sichbefreien von psychischen Konflikten und inneren Spannungen durch emotionales Abreagieren.

Oder béides zesummen." No dëser Lektioun leet de Wecker eng kuerz Paus an. „Däin Tour," kuckt e mech un. An dobäi sinn ech mir net sécher ob hien dat nëmmen op de Scrabble bezitt.

Katharsis. Konscht. Dat machen ech awer net. Hautzedags gëtt dach jidderee Kënschtler. Jidderee molt oder fotographéiert. A wann dat et net méi bréngt, fänkt een u mat schreiwen a gëtt Schrëftsteller. A Schwätzen ass mir grad sou onbeléift. Schwätze ka jo wierklech jiddereen.

Dat erklären ech och dem Jules, wéi hien no eisem Scrabble-Nomëtteg beim Wecker um Wee op d'Gare rëm op d'Thema Katharsis zréck kënnt an hie mengt, dat schreiwe vläit eppes fir mech wier. Zumols well ech jo souwisou net iwwert meng Mamm schwätze wëll. A well ech jo souwisou schon dem Marie-Sol säi Carnet hunn. „An net alles wat beléift ass, ass och automatesch schlecht", mengt de Jules. „Kuck zum Beispill d'Beatles. Oder Converse Schung. Oder Kachkéiss. Déi sinn all zimlech gutt." ◆

*D'Illustratiounen sinn all vum Bob Felz*

***Winter kills***

Winter kills by the roadside,
hunger-driven into death's path.
Shreds of rodents and lifeless foxes,
their fur nearly untouched.
A blackbird knocked dead,
a bunch of black feathers uplifted,
in a final spin,
adrift over my head,
in solemn salute.

**Tom Hengen**




Gëschter am Zuch heem souz dat Meedche bei eis am Abteil. Hatt huet an een Heft geschriwwen a gekrozelt a rëm Sachen ausgestrach. Dat gung bestëmmt 10 Minute sou. „Wat schreiws du sou?," huet de Jules a séngem Gesellechkeetsdrang natierlech misse froen (Ech weess net firwat hien dat gefrot huet. – Seriö, firwat huet hien dat gefrot??). D'Meedchen huet geäntwert dat hatt eng Kuerzgeschicht schreiwt fir eng Zäitschrëft. Sou niewebäi. Aus Spaass. Hatt sot säin Numm wier Diane oder sou. Hatt huet dunn nach erklärt wéi et mol zu Glasgow a Montréal studéiert huet a lo awer zu York op der Uni ass. Iergendeppes mat Linguistik a lëtzebuergeschen Dialekter. „Wësst dir wéi onheemlech intressant dat ass?" Nee, de Jules an ech wossten dat net. Hatt huet dunn nach weider geschwat, mä dat krut ech net méi richteg mat. Iergendeppes mat Plang A a backup plan a sou. Jo, kloer. Schrëftstellerin. Hatt sot och nach eppes vun enger zweeter Plaaz an der Jugendkategorie blabla déi et am Concours littéraire national 2012 gemach huet a blabla. Keng Ahnung. Wahrscheinlech ass hatt sou eppes wéi den nächste Shakespeare. Mä wann et awer souvill schreift wéi et schwätzt, hoffen ech mir huele seng Sachen net an der Schoul duerch.